Fräi Tribün

# Nei Weeër an der Energiepolitik

An dene läschte 4 Joër sin hei zu Lëtzebuerg d'Käschte fir Mazout em 55%, a fir Gas ëm ron 80% geklomm. Och wa mat de rezenter internationaler Krise, d'Präisser sech di läscht Woche stabiliséiert hunn, kann een dovun ausgon, dat se an den nächste Méint erëm wäerten an d'Luucht gon. Vill Leit, vill Familjen, besonnesch aus der Mëttelschicht, hunn an dem schwieregen aktuelle Kontext ëmmer méi Problemer fir des Heizkäschten finanziell ze dron.

Dofir si mer gefuerdert, fir nei Weeër ze gon, fir de Leit aus deser Energiefaal erauszehëllefen an an engems, fir eise Bäitrag zum Klimaschutz ze leeschten an eis Kioto-Engagementer ze respektéieren. Déi bestehend Förderprogrammer am Beräich vun den erneierbaren Energien an dem Energiespueren vum Emweltministär hun eischtens vill ze lang gebraucht bis datt se endlech a Kraaft getruede sinn, – nämlech bal 3 Joer - a si sin och net attraktiv genuch.

Sou hun zum Beispill nëmme knapp 70 Leit d'lescht Jor eng Demande fir d'Primen fir Niddreg- oder Passivenergieheiser gemach. Wann ee wees, dat all Jor e puer dausend Wunnenge hei am Land gebaut ginn, as dat mol keng Drëps op de warme Steen! Bei den Demande fir Solaranlagen as de Bilan net besser. D'Politik vun der Regirung huet hei versot an d'DP wäert besonnesch am Hausbau a bei der Haussanéierung néi Akzenter setzen, fir mat neie Finanzéierungsmodeller dem eenzelne Bierger de Klimaschutz méiglech ze man a seng Heizkäschten erofzesetzen.

D'Förderprogrammer an desem Beraïch musse méi sozial gestaffelt ginn, fir dat och déi Bierger, déi méi knapp bei Geld sinn, kënnen an Energiespueren investéieren a Geld beim Heize spueren. Et as gewosst, datt bei Niedregenergieheiser oder sou enger Sanéierung virun allem am Ufank d'Käschten méi heich sinn, mais datt awer op d'lang Dauer ganz vill $CO_2$ an domadder vill Fraisen fir d'Brennes kënne gespuert ginn.

Dofir wäert d'DP eng staatlech Klimabank aféieren. Domadder kann de Staat de Bierger an den Betribber, dei beim Hausbau oder bei der Sanéierung an d'Energiespueren investéieren, zennlos Krediter zur Verfügung stellen oder d'Aarbechten virfinanzéieren.

Mat dene Suen, déi doduerch all Mount beim Heize gespuert gin, kann ee säin Energieprêt an e puer Joer zréck bezuelen. An op lang Dauer spuert ee vill Geld, well een an engem Haus wunnt, dat praktesch keen Mazout oder Gas méi brauch. Dat as e Plus fir de Klimaschutz, fir den Portemonni vum Eenzelnen, fir Kleng- a Mëttelbetribber, déi hei nei Aarbecht kenne fannen. An och de Staat gewënnt, well en duerch des $CO_2$-Reduktiounen keng Strofe muss am Kader vum Kioto-Ofkommes bezuelen. Eng besser an onofhängeg Berodung, nei Energiemodeller fir Lotissementer, ab 2013 nëmmen nach Wunnengen, déi ouni fossil Brennstoffer auskommen, sinn e puer aner wichteg Konzepter aus eisem Programm fir d'Energiepolitik hei zu Lëtzebuerg, wou dir den Détail kennt op www.dp.lu noliesen.

Fir d'DP as eng effizient Emweltpolitk méiglech, déi souwuel am Intérêt vun dem eenzelne Mensch wéi vun der Ëmwelt as. De Moment ass do fir emzedenken, dofir wäert d'DP och an der Energiepolitik nei Weeër gon.

› Eugène Berger, Députéierten

› Dës Tribün gouf gëschter am Kader vun de parteipolitesche Gespréicher op RTL Radio Lëtzebuerg diffuséiert.